4. A sengem Bréif vum 21. Februar 2002 huet de Generalsekretär vum Europaparlament d'Resolutiounen zoukomme gelooss, déi d'Europaparlament a senger Sitzungsperiod vum 4. bis de 7. Februar 2002 ugeholl huet.

2. Ordre du jour

An hire Réunioune vum 20. a vum 25. Februar huet d'Presidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour proposéiert, deen lech schréftlech zoukomm ass:

Haut de Mëtteg hu mer:

1. Eng Froestonn un d'Regierung

2. Eng Motioun vun der Ethikkommissioun iwwert d'Patentéierung vun de biotechnologeschen Erfindungen, bei där d'Riedezäit folgendermoossen definéiert ass: Dem President vun der Kommissioun stinn zéng Minutten zou, de Fraktiounen an der Regierung jeweils 20 Minutten.

Mar, um halwer 3 hu mer:

1. Eng Aktualitéitsstonn vun der chrëschtlech-sozialer Fraktioun iwwert d'Schwéngspescht.

2. Dem Här Wiseler seng Interpellatioun iwwert d'Kulturpolitik.

3. Eng Motioun vum Här Camille Gira iwwert d'Subventionéierung fir de Bau vu Reewaasserbehälter, an

4. Naturalisatiounen.

Fir iwwermuer ass keng Sitzung virgesinn.

Ass d'Chamber domat averstanen?

Den Här Gibéryen an den Här Weiler froen d'Wuert.

(Interruptions diverses)

Loosse mer fir d'éischt dem Här Fayot d'Wuert ginn, fir den Dépôt vu senger Proposition de loi maachen ze kënnen.

3. Dépôt d'une proposition de loi

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här President, ech wollt eng

– Proposition de loi 4918 portant création d'un observatoire des médicaments

déposéieren.

Dat soll en Observatoire des Médicaments sinn, deen am Kader vun deem zukünftege Laboratoire national de Santé kreéiert soll ginn an déi wëssenschaftlech Observatioun vun de Medikamenter zu Lëtzebuerg verbessere soll.

Une voix.-Très bien!

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch de Kolleeg Ben Fayot. D'Proposition de loi gëtt un déi zoustänneg Kommissiounen an un de Conseil d'Etat weidergeleet.

D'Wuert huet elo den Här Robert Mehlen.

(Interruptions)

Da musst Der de Fanger ausstrecken. Ech fueren der Rei no, wéi ech se hei gesinn.

4. Ordre du jour *(Suite)*

M. Robert Mehlen *(ADR).-* Ech denken, datt d'Reiefolg net sou wichteg ass, Här President. Ech hu mer d'Wuert gefrot, fir hei eng Resolutioun deponéieren ze kënnen, an där ech am Numm vun eisem Grupp froen, datt eng Commission d'enquête parlementaire agesat gëtt, mat der Missioun déi öffentlech Reprochen, déi am Zesummenhang mat den Affären am Transportministère geäussert gi sinn, ze ënnersichen a politesch Responsabilitéite festzestellen. Dat soll der Chamber d'Méiglechkeet ginn, déi Konklusiounen ze zéien, déi se als utile an noutwendeg ugesi géif.

Mir froen natierlech och, dass se op den Ordre du jour vun dëser Woch kënnt.

Résolution

La Chambre des Députés,

– prenant acte des accusations publiques, extrêmement graves, relatives au fonctionnement du Ministère des Transports en matière de critères d'attribution d'autorisations de transport, engageant la responsabilité du ou des ministres de tutelle,

– constatant qu'une action judiciaire envers un haut fonctionnaire du Ministère des Transports, se rapportant à des faits antérieurs à 1991, est certes en cours, mais traîne depuis de longues années, sans mener à une conclusion,

– estimant, que suite à la juridiction récente de la Cour de Justice Européenne des Droits de l'Homme, le risque que l'affaire puisse être classée pour durée d'instruction excessive est imminent,

décide

d'instaurer une commission d'enquête parlementaire avec mission d'élucider les faits reprochés publiquement envers un ex-fonctionnaire du Ministère des Transports, d'examiner les conditions d'octroi et les critères d'application des autorisations légales en matière de transport routier et notamment en ce qui concerne les licences accordées par le Ministère des Transports et d'en dégager la responsabilité politique du ou des membres du Gouvernement compétent(s) et de proposer à la Chambre des Députés les conclusions qu'elle juge utile et nécessaire.

(s.) Robert Mehlen, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp.